N° 8144
Entrée le 12.07.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.07.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 12/07/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir weiderzeleeden.**

De Logementsministère huet rezent säi järlechen Aktivitéitsrapport vum*Fonds spécial de soutien au développment du logement* presentéiert, wou eng Rëtsch interessant Zuelen dra stinn. De Rapport weist, wéi vill méi Wunnengen vum Staat an deene leschte Joren gebaut goufen. De Rapport gëtt awer aktuell keen Iwwerbléck doriwwer, wéi schnell de Staat an d'ëffentlech Hand (Gemenge, ëffentlech Promoteuren, asw.) seng Baulandreserven notzt, wéi mer schonns a menger parlamentarescher Fro n°7242 opgefall war.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Hektar Bauland sinn am Besëtz vum Staat an der ëffentlecher Hand?
   Wéi huet sech dës Zuel iwwert déi vergaangen 5 Joer (opgeléscht pro Joer) entwéckelt?

2. Wéi vill Hektar Wunnraum (Appartementer & Haiser) sinn am Besëtz vun der ëffentlecher Hand?
   Wéi huet sech dës Zuel iwwert déi vergaangen 5 Joer (opgeléscht pro Joer) entwéckelt?

3. Wéi vill Hektar Bauland, am Besëtz vum Staat souwéi der ëffentlecher Hand, ginn aktuell bebaut?

4. Wéi vill Hektar Bauland vum Staat souwéi der ëffentlecher Hand sinn nach net bebaut?
   Fir wéi vill Hektar Bauland am Besëtz vum Staat souwéi den ëffentlecher Hand läit nach kee PAP vir?
   Fir wéi vill Hektar Bauland am Besëtz vum Staat souwéi den ëffentlecher Hand sinn, Stand haut, nach keng Baugenehmegungen ugefrot ginn?

5. Wéi vill Hektar Bauland goufen an de vergaangenen 5 Joren (opgeléscht pro Joer) vum Staat an der ëffentlecher Hand opkaf a verkaf?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Deputéierten